Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. September 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Findel ass mam ëffentlechen Transport aktuell iwwert d'Buslinne 6, 16 an 29 ze erreechen. Dës Linne falen ënnert d'Responsabilitéit vun der AVL. Iwwerlandbusse fueren eisen nationale Fluchhafen aktuell net un. Och dee fir d'nächst Joer geplangten Tramsuschloss bréngt d'Leit virun allem aus der Stad dohin, respektiv vum Fluchhafen an d'Stad. Eng Differenz, déi doriwwer eraus am Verglach mat villen auslännesche Fluchhäfen opfält, ass déi feelend Méiglechkeet, säi Gepäck sécher ze verstauen, wann ee mam Bus op de Findel fiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi de Fluchverkéier wärend den nächste Joren an d'Politik vun der Multimodalitéit an dem "nationale Mobilitéitsplang 2035" soll agebonne ginn?
2) Wéi ass déi Decisioun begrënnt fir generell keng Iwwerlandbussen op de Findel fueren ze loossen? Sinn zäitno Ännerunge geplangt?
3) Firwat sinn am ëffentlechen Transport aktuell keng Méiglechkeete virgesinn, säi Gepäck ze deposéieren, wann een op de Findel wëll fueren? Ass an Zesummenaarbecht mat der AVL dru geduecht fir d'Rullmaterial deementspriechend unzepassen?
4) Ass virgesinn, d'Rullmaterial vum Tram mam Uschloss un de Findel am selwechte Sënn ze moderniséieren?
5) Kéint d'Madamm Minister sech virstellen, sou wéi et am Ausland dacks üblech ass, eng oder e puer Buslinnen auszeweisen, déi speziell op d'Verbindung mam Fluchhafen ausgeriicht sinn, wou d'Passagéier da jee no Zil och just do eraus- oder eraklamme kënnen? Falls nee, kéint d'Madamm Minister sech alternativ virstellen esou een Zerwiss privatwirtschaftlech auszeschreiwen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten